

## Evangelium vum 17. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

### Lk 11,1-13

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

A. *Dir all Éier, Här.*

<sup>1</sup> De Jesus war anzwousch amgaang ze bieden, a wéi hien dermat fäerdeg war, sot ee vun senge Jünger zu him: "Här, léier äis bieden, esou wéi och de Johannes seng Jünger biede geléiert huet!"

<sup>2</sup> Du sot hien zu hinnen: "Wann dir biet, da sot: Papp, däin Numm sief gehellegt;däi Räich soll kommen;

<sup>3</sup> gëff äis Dag fir Dag dat Brout, dat mir brauchen;

<sup>4</sup> looss äis eis Sënnen no, well och mir selwer loosse jidderengem dat no, wat hien äis schëlleg ass; a féier äis net a Versuchung!<sup>a</sup>"

<sup>5</sup> An hie sot zu hinnen: "Huelte emol un, ee vun iech hätt e Frënd an hie géif matzen an der Nuecht bei dee goen an zu him soen: 'Frënd, léin mir dräi Brout,

<sup>6</sup> well ee vu menge Frënn ass vun enger Rees bei mech komm, an ech hunn näischt, wat ech him virsetze kéint!'

<sup>7</sup> an deejeinege géif da vu bannen äntweren: 'Plo mech net! D'Dier ass schonn zougespaart, a meng Kanner an ech, mir leien am Bett. Ech kann net opstoen, fir dir eppes ze ginn.' –

<sup>8</sup> Ech soen iech: Wann deejeinegen och net opsteet, fir him eppes ze ginn, well et säi Frënd ass, dann hieft hien sech awer wéinst deem aneren senger Onverschimtheit a gëtt him esou vill, wéi hie brauch.

<sup>9</sup> Duerfir soen ech iech: Frot, da gëtt iech ginn; sicht, da fannt dir; klappt, da gëtt iech opgemaach!

<sup>10</sup> Well wie fret, dee kritt, a wie sicht, dee fënnt, a wie klappt, dee kritt opgemaach.

<sup>11</sup> Wie vun iech géif als Papp, dee vun sengem Jong e Fësch gefrot krit, him amplaz vum Fësch eng Schlaang ginn?

<sup>12</sup> A wie géif him, wann hien en Ee gefrot krit, e Skorpioun ginn?

<sup>13</sup> Wann also dir, déi dir béis sidd, amstand sidd, äre Kanner gutt Saachen ze ginn, wéivill méi gött de Papp am Himmel deenen hellege Geescht, déi hien drëm froen!"

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>a</sup> Ze verstoen am Sënn vun: Looss net zou, datt mir a Versuchung gefouert ginn (hebräesche Permissiv).